N° 2762 2762
Entrée le 08.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.08.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 530125
08 AOUT 2025
A traiter par :
Copie à :

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 8. August 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Aus engem rezente Presseartikel geet eraus, dat e spezifeschen Haff am Süde vum Land Probleemer mat Kueben huet, déi d'Quinoakären um Feld friessen. Ofgesi vun enger Vullenattrapp kann de Bauer net vill maache fir d'Kueben dovunner ofzehalen déi geséinte Kären ze friessen. Dorauser erschléisst sech, dat d'Recolte vun däser wichteger alternativer Eewäissquell dann um Enn net esou héich ausfällt ewéi dat wënschenswäert wier.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Ass der Madamm Agrarministesch an dem Här Ëmweltminister dës Problematik, spezifesch beim Quinoa, bekannt?
- Wuelwëssend, dat d'Kueben ënnert Naturschutz stinn, wéi eng Mesurë kenne geholl gi fir d'Felder besser ze schützen? Gedenken d'Madamm Agrarministesch an den Här Ëmweltminister d'Baueren an dësem Kontext z'ënnerstëtzen? "

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2762 vum 8. August 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Gusty Graas iwwert "Dégâts causés par des corbeaux dans l'agriculture"**

**1. Ass der Madamm Agrarministesch an dem Här Ëmweltminister dës Problematik, spezifesch beim Quinoa, bekannt?**

Et gouf bis elo just een eenzegen Dossier vu Schued am Quinoa, an zwar aus dem Joer 2025.

**2. Wuelwëssend, dat d'Kueben ënnert Naturschutz stinn, wéi eng Mesurë kenne geholl gi fir d'Felder besser ze schützen? Gedenken d'Madamm Agrarministesch an den Här Ëmweltminister d'Baueren an dësem Kontext z'ënnerstëtzen? "**

Fir Schied un Kulturen ze reduzéieren, dierfen – am Respekt vun der Naturschutzlegislatioun – bestëmmte visuell, akustesch oder physesch Ofschreckungsmethoden agesat ginn, déi keng Déiere verletzen oder d'Populatioun negativ beaflossen. Well Kueben intelligent Déiere sinn, gëtt recommandéiert, dës Moossnamen ze variéieren, fir eng Gewunnecht ze vermeiden.

Well d'Baueren an enger lieweger Kulturlandschaft wirtschaften an där och eng Diversitéit un Déierenaarten liewen, ass et un den eenzelne Betriber, fir hir Kulturen op eng adaptéiert a respektvoll Manéier géint potentiell Schied duerch Déieren ze schützen.

Lëtzebuerg, den 2. Oktober 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit